N°2530
Entrée le 16.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2530 vum 26. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. **An der Äntwert op d'Fro 1 schreift de Minister: "Déi substantiell Hausse no 2022 kann dobäi op méi Facteuren zréckgefouert ginn, dorënner déi wirtschaftlech Post-Covid-Reprise."**

   **Kann de Minister weider Prezisioune ginn, firwat et zu dëser signifikanter Hausse zu Lëtzebuerg réischt 2023 komm ass? Dëst besonnesch virum Hannergrond, dass grad mat der Covid-19-Pandemie an de Lockdowne schonn 2020 respektiv 2021 den Online-Handel massiv eropgaang ass an och d'EUIPO schonn 2021 dorop opmierksam gemaach huet, dass 2020 ronn 7 Prozent vun allen Importer an d'EU Fakes gewiescht wiere, mat engem Wäert vun 120 Milliarden Euro.**

Wärend der COVID-19-Pandemie war d'Douane besonnesch gefuerdert, ënner anerem wéinst hirem Asaz an den Impfzenteren. Dës Missioun huet deemools e groussen Deel vum Personal gebonnen, wat zur Folleg hat, dass Ressourcen net an anere Beräicher konnten agesat ginn.

Gläichzäiteg huet d'Aféierung vum neien IT-System substantiell Changementer mat sech bruecht, déi eng Upassung vun de Prozeduren an den Aarbechtsprozesser néideg gemaach hunn.

Zousätzlech huet d'Croissance vum Online-Handel, déi scho wärend der Pandemie markant war, sech an de Joren dono nach verstäerkt. Dëst huet dozou gefouert, dass d'Unzuel u Wueren, déi potenziell kéinte kontrolléiert ginn, an de leschte Joren däitlech zougeholl huet.

2. **An der Äntwert op d'Fro 4, vu wou déi meeschte gefälschte Wueren hierkommen, äntwert de Minister, dass déi meescht gefälscht Produiten aus China, der Türkei an dem Vietnam géif kommen. Kann de Minister preziséieren, op wéi engem Wee déi gefälschte Wueren an d'Land komm sinn?**

D'Douane kontrolléiert Wueren un de Baussegrenzen, , déi aus Drëttstaaten an d'EU importéiert ginn. Dorënner fale Wueren, déi iwwer de Frachtfluch transportéiert ginn – inklusiv dem reguläre Cargo, E-Commerce-Sendungen a Postpäck. Zousätzlech ginn och Kontrollmoossname bei der Post an den etabléierte Courrier-Express-Firmen duerchgefouert.

Et sief präziséiert, dass d'Douane keng Kontroll am Bannemaart ausüübt, dat heescht op Wueren, déi schonn fräi an der EU circuléieren, well d'Douane juristesch an dësem Beräich keng Kompetenzen huet.

3. **Bei der Fro 6 gëtt de Minister Detailer iwwert d'Käschte fir d'Vernichte vu Fakes. Bei dësen Zuelen ass eng däitlech Baisse vun de Käschte festzestellen. Kann de Minister déi däitlech Baisse vun de Käschten erklären, besonnesch am Hibléck op déi massiv Croissance vu saiséierte Produiten?**

Dës Evolutioun erkläert sech doduerch, dass nom Artikel 29 vum *Règlement (UE) n° 608/2013 du Parlement européen et du Conseil du 12 juin 2013 concernant le contrôle, par les autorités douanières, du respect des droits de propriété intellectuelle et abrogeant le règlement (CE) n° 1383/2003 du Conseil*, den Titulaire vun der Marque dës Käschten muss iwwerhuelen.

D’Douane iwwerhëlt dës Käschten nëmmen an deene Fäll, wou de Titulaire vun der Marque

- keng Réckmeldung gëtt, oder
- zoustëmmt, dass d’Wuer ka geliwwert ginn, an

de concernéierte Declarant (Persoun déi d’Wuer bei der Douane deklaréiert), respektiv Detenteur (Persoun déi responsabel ass fir d‘Wuer), d’Wuer awer duerno net bei der Douane ofhuele kënnt.

4. **Falen am Zesummenhang vum Saiséiere vu gefälschte Produiten nieft de Käschte fir d'Vernichten nach weider aner Käschten un? Wa jo, woufir a wéi héich sinn dës Käschten an de leschte 5 Joer gewiescht?**

Am Zesummenhang mam „Saiséiere“ vu gefälschte Produite falen nieft de Käschte fir d'Vernichte keng aner Käschten un.

5. **Kann de Minister schematesch duerstellen, wat nom Saiséiere vun engem gefälschte Produit geschitt a wat fir verschidde Prozeduren et ginn?**

Gläichzäiteg mam Titulaire vun der Marque gëtt och den Declarant oder den Detenteur informéiert dass Douane d’Wuer zeréck gehalen huet.

Falls d’Wuer fräi gi gëtt, gëtt den Declarant, respektiv den Detenteur, och informéiert dass hien d’Wuer bei d’Douane ka siche kommen.

Lëtzebuerg, de 16. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth